

Appel à projets „Gitt dobaussen aktiv“

Projet „Bei de Wiichtelen“ vun der Crèche vu Keespelt

De Projet vun der Crèche Keespelt baut op der Geschicht "Wini & Wanda" (geschriwwen vum engem Member vun der pedagogescher Equipe) op a verbënnt d'Entdecke vun der Natur, Aspekter vun der nohalteger Entwécklung, kreativ Workshops, sportlech Aktivitéiten dobaussen an Team-Geescht. D'Kanner ginn - grad wéi kleng Wiichtelen - ugereeget, hir direkt Ëmgéigend (Beem, Planzen, Déieren) an hir Verännerungen am Laf vun de Joreszäiten ze beobachten. All des Entdeckungen, Beobachtungen an Aktivitéiten, déi d'Kanner bei dësem Projet maachen, ginn an engem perséinlechen Album mat Fotoen dokumentéiert an all Kand kritt säin eegent Geschichtsbuch. De Projet leeft iwwer 3 Méint.



Wann Dir wëllt méi iwwert dëse Projet gewuer ginn, da kënnt Dir hinne gären eng Mail schécken sea.creche@kehlen.lu.

Suivi vum Projet (Text a Fotoen vun der Crèche Keispelt) :

Eise Projet ass op d'Buch « Wini & Wanda » opgebaut. Mir ginn Dënschdes an Donneschdes moies zesummen an de Bësch a fir unzefänken dinn mir all eis Wichtelmutzen un a liesen eng Säit vun der Geschicht vir.

Aféierung an d'Wiichtelliewen:

Mir sinn an eisem
schéine Keespelter
Bësch op d'Sich no
Wiichtelcher gaang.



Dobäi si mir op e
gudde Kolleeg vun
de Wiichtelcher
getraff - dem
Reewuerm. Fir
bëssen eng Iddi vum
Liewe vum Reewuerm
ze kréien, hu mir
gebuddelt bis mir der
puer fonnt haten an
hunn des mat an
d'Crèche geholl vir se
do an eise selwer
installéierte Vivarium
ze setzen.

Als Ofschloss vun der Woch si mir selwer Gaardewiichtelcher a mir ginn an de Bësch a sammelen Buedem an eisen Eemercher. Mir planzen mat dësem Buedem Peffermënz an eise zweete Vivarium un. Sou kënnen mir beobachten, wéi d'Wuerzelen sech hire Wee duerch de Buedem gruewen. Mir planzen och nach Cresson un fir mat heem. Sou kënnen d'Kanner souwuel an der Crèche, wéi och doheem, beobachten, wéi de Wuesstem vun enger Planz ofleeft.



D' Wiichtelduerf bauen:

Och an sou enger kuerzer Woch (Donneschdes war Feierdag) waren d 'Keespelter Wiichtelcher ganz produktiv. Mir sinn an de Bësch gaangen, a wéi all Kéiers wann mer an de Bësch ginn, hu mir eise „Bollerwagen“ matgeholl an en mat allerlee Material gefëllt dat mir fonnt hunn. Mir sinn op eis Platz am Bësch gaangen an hu mat eise selwer gebastelte Bësch-Memory gespillt. Dat huet richteg Spaass gemaach! Mëttwochs an der Crèche hu mir eist gesammelt Material ausgepaakt an hunn ugefaange Saachen ze bastelen vir eist Wiichtelduerf. Mir hunn eng Schaukel gemaach, eng Bänk mat Still an nach viles méi





Landart:

Des Woch ware mir ganz konstruktiv a mir hunn eis och vun deem ville Reen net ofschrecke gelooss. Ganz am Géigendeel souguer! Dat mécht de Wee nach vill méi flott an interessant.



Mir hunn eist Wiichtelduerf am Bësch opgeriicht, Landart am Bësch gemaach a mir hunn mat Hëllef vu Spigelen an de Beemzipfel no Wiichtelcher gesicht.





Fir datt mir och eppes mat heem konnten huelen, hunn mir an der Crèche mat eisem gesammelte Material Landart op enger hëlzener Plack gemaach.



Blummewiichtel

An der Vakanz waren zwar manner Wiichtelcher present, mee trotzdem hunn mir gutt geschafft. Mir waren „A Lill“ zu Keespelt kucken op d’Tulpe gutt wuessen a mir konnten dunn och di eng oder aner plécke fir mat Heem.



Mir sinn eis mat Luppen dobaussen op d’Lauer leeë gaangen an hunn eis d’Blimmercher mol vu méi no ugekuckt. Wéi gesinn se vun no aus? Wéi eng Déiere verstoppen sech do? A firwat sinn d’Insekten eigentlech sou wichteg fir d’Planzen?



An der Crèche hu mir aus Naturmaterialie Pinsele gebastelt an dunn hu mir eis domat kënschtlersch ausgelooos. Dat huet richtig Spaass gemaach an d'Resultat kann sech och weise loossen.



Déierewiichtel

Des Woch ware mir Déierewiichtel. Mir sinn zesummen op Esch op de Gaalgebierg gefuer an hunn eis do di verschidden Déieren ugekuckt, mir konnten se souguer fidderen 😊 (mat Fudder wat mir do kruten).



Fir mat Heem hu mir des Woch zesummen Kaweechelcher aus Blummendëppen gebastelt.



Donneschdes war mega flott, do krute mir an der Crèche erkläert a gewise wat Spuere sinn. Dono si mir an de Bësch op d'Sich no Déierespuere gaange vir ze gesi wéi eng Déieren all an eisem Bësch liewen.



Mir konnte wéi mer zréck an d'Crèche komm si souguer nach en Ofdrock vun eisem Fouss am Leem maachen, dee mir och mat Heem konnten huelen.



Naturfaarwen

Des Woch leeft ënnert dem Thema vun de Naturfaarwen. Fir der kënne selwer ze maachen hu mir eis fir éischt op d'Sich no Materialie gemaach, déi sou richtig schéi fierwen. Mir hunn gutt mat eisen Eemercher gesammelt an alles mat an d'Crèche geholl. Zesummen hu mir dunn eis Faarwe gemaach, dat war eng richtig flott Erfahrung.



Mëttwochs mëttes hunn mir bei eis am Haff zesummen e Bësch-Domino gemaach.



Zum Ofschluss vun der Woch hu mir eis Naturfaarwe geholl an Zerwéite gemoolt, déi mir am Viraus aus engem Länduch geschnidden haten. Dat si richteg originell Konschtwierker ginn a mir wäerten dat bestëmmt lo méi oft maachen.



Recycling

Des Woch hëllef mir de Wiichtelcher de Bësch propper ze maachen. Mir hunn Händchen ugedoen a jidderee krut en Eemerchen, an deem dee wollt konnt och nach eng Schëpp kréien. Sou hu mir eis op de Wee an de Bësch gemaach an hunn all dee Knascht opgerä, dee mir op eisem Wee begéint hunn.



Et ass wierklech traureg ze gesi wéi vill Knascht sou ronderëm läit. Mir wäerten egal wéi awer och weider drop oppassen, dass eise Bësch propper bleift an hoffen dass och aner Leit méi aktiv sech mat drun bedeelegen. Zum Wuel vun allen, sief dat Mënsch, Déier oder vun de Wiichtelen.



En plus kann ee wann ee wëll, sou wéi mir flott Saachen aus de gesammelte Materialie bastelen. Mir hunn eis vir e Mobilé aus Plastikfläschen entscheet.



Um Enn vun der Woch hu mir schonn ugefaange mat bastele vir eis Expositioun, déi mir ab dem 15 Juli starten. Mir hunn vill geplangt, dofir gi mir eis lo scho gutt drun, fir och alles mat Zäit ëmgesat ze kréien.



Summerfest 26.06.2021

am Kader vun eisem Projet : « Bei de Wiichtel »



Summerfest PDF

Waasserwiichtel

Direkt um Ufank vun der Woch ware mir Waasserwiichtel. Mir hunn eis dowéinst op de Wee bei d'Veieren op Huelmes gemaach, fir mol ze kucke wat een do sou u Planzen an Déiere fënnt. Mir hate souguer eng ganz léif Madamm vum Service Nationale de la Jeunesse dobäi, déi eis bei eiser Entdeckungsrees gehollef huet. Si huet sech wierklech vill Zäit geholl a sech d'Méi gemaach fir eis alles ze weisen an ze erklären. Mir hunn richtig vill erlieft a geléiert. Dat war e flotten Dag!





Mëttwochs hu mir an der Crèche en Experiment gemaach, fir ze weisen, wéi de Buedem d'Waasser botzt an sou de Fonctionnement vun enger Quell besser ze verstoen.



Zum Ofschluss vun der Woch hunn mir donneschdes Waasserprouwe bei eis am Bësch geholl an natierlech hunn mir dunn och profitéiert fir bëssen am Bësch ze spillen an ze „kachen“.



Bastele fir d'Bësch Expo 1

Dës Woch war déi éischt vun 2 Wochen, wou mir eis haaptsächlech dorobber konzentréiert hunn fir eis Expo ze preparéieren. Mir hunn souvill wéi méiglech Material gesicht, wat ee kéint upcyclen an eis Kanner konnten hirer Fantasie fréie Laf loossen. Dat Wichtigst fir eis ass, datt jidderee Spaass huet an datt d'Kanner frou mam Resultat sinn. Mir stellen eis Saachen dono am Bësch aus, fir datt d'Wiichtelcher se och kënne kucken goen.



Mir hunn awer och profitéiert fir de Musekwiichtel ënnert eis, Instrumenter ze bastele fir mat heem an dëst och aus recycléiertem Material.



Bastelen Expo 2

Déi 2. Woch mam Thema „Bastele fir d'Expo“ hu mir rëm richtig Gas ginn. Mir hunn gemoolt, gehummert, gepecht an des Woch hunn mer mëttwochs och keng Bastelaarbecht gemaach fir mat heem. Mir hunn déi ganz Zäit genotzt fir alles fir d'Expo fäerdeg ze kréien. Eis Kanner si scho richtig opgereegt a froen sech wat d'Wiichtelcher an hir Eltere vun eise Wierker halen.





Bësch Expo a Villercher

Endlech ass et souwäit ☺ Dësen Dëschden ass d'Erëffnung vun eiser Ausstellung am Keespelter Bësch. Méindes hunn mer séier alles opgeriicht, sou datt mir dëschdes moies all zesumme konnten eisen Tour trëppelen a presentéiere wat mir geschafft hunn. Et war sou flott eis Saachen, déi mir selwer gebastelt hunn an engem anere Kader ze gesinn. Mir hunn alles gekuckt an ausprobéiert a wéi mir dono op der Haaptplaz ukomm sinn, si mir souguer mat Applaus empfaange ginn. Eis Ancien 'en aus der Crèche sinn nämlech och komm fir sech alles unzekucken an eis ze ënnerstëtzen.



Video Bësch Expo

De Rescht vun der Woch stoung ënnert dem Thema Villercher. Mir hunn mëttwochs Recup Art gemaach a Villercher gebastelt fir an eisen Dossier. Donneschdes si mir mat eise Spektiven an de Bësch op d 'Sich no Villercher an Näschter gaangen. D 'Kanner ware souguer der Meenung si hätten e Villche mat engem Wiichtel um Réck gesinn. 😊



Des Woch ass déi lëscht vun eise wonnerbare Projet gewiescht. Alles stoung ënnert dem Thema Olympiad. Mir hunn eis d'Olympiad sou opgedeelt, datt mir een Dag Spiller am Bësch ofgehalen hunn an en aneren Dag bei eis am Haff.





Mir haten eng Diplomiwwerreechung, wou all Kand säi Wiichteldiplom kritt huet. Fir de Projet ofzeschléissen, huet all Kand säi Classeur mat heem kritt, wou de ganze Projet mat Fotoen a Bastelaarbechten dokumentéiert ginn ass, seng Wiichtelmutz, e Wini & Wanda T-Shirt an d'Buch mat der Geschicht vum Wini & Wanda.



Mir hoffen iech huet de Projet sou gutt gefall wéi eis! Mir hunn vill erlieft an deenen 3 Méint a géingen de Projet jidderengem recommandéieren. D'Kanner si richtig opgelieft soubal si wossten, datt et Zäit wier fir hir Wiichtelmutzen unzedoen. De Feedback dee mer vu ronderëm a vun den Eltere kritt hunn war och ganz positiv. Vill Spaass! 😊

Wini & Wanda



Karin
Frisch



[Link zum Buch "Wini & Wanda"](#) 